D'MussoL

an de Coronavirus







Zanter Deeg héiert d'Mussol,
datt rieds geet vun engem Coronavirus.
Et huet e bëssen Angscht a stellt sech vill Froen.



Seng éischt Fro ass: Wat ass e Virus iwwerhaapt?

E Virus ass eng Zort Mikrob, deen esou kleng ass, datt een en nëmme mat engem spezielle Mikroskop ka gesinn. En ass net lieweg. Et ass e Keim, dee mënschlech Zelle muss infizéieren oder Zelle vun Déieren oder Planzen, fir sech kënnen ze verbreeden.



Wéi eng Zort Zellen infizéiert de Coronavirus dann?

Dëse Virus befält gären d'Zelle vun onser Otemschläimhaut,
dat ass déi Haut, déi eis Otemweeër bannen bedeckt.
D'Otemweeër sinn déi Deeler vum Kapp a vum Broschtkuerf,
duerch déi d'Loft tëschent der Nues, dem Mond an de Longen zirkuléiert.



A, doweïnst muss een dann houschten?

Genee! Wann de Virus sech verbreet, da gräift en eis Otemweeër un a mir kréien den Houscht. Wann eng infizéiert Persoun houscht, da fléie kleng Drëpsen, an deenen de Virus sëtzt, aus hirem Mond. Wann een aneren déi anotemt, da kann deen och mam Virus ugestach ginn.



A firwat kritt een dann och Féiwer?

D'Virusse si sensibel op Hëtzt. Wann eise Kierper matkritt, datt mir e Virus hunn, da schécken ons Zellen Zytokinnen an d'Gehier. Zytokinne si Moleküllen, déi eisem Kierper ënnert anerem befeelen, méi Hëtzt ze produzéieren, fir ze versichen, de Virus sou futti ze maachen.





Coronavirus, dat ass awer e gelungenen Numm!
Firwat heescht dee Virus esou?

Wann een de Virus ënnert engem Elektronemikroskop kuckt, dann erënnert seng Form un eng Kroun, Corona op Latäin.
Genee geholl kritt hien säin Ausgesinn vun enger Protein S, déi eng Zackeform huet. Dës Protein S funktionéiert wéi e Schlëssel, deen dem Coronavirus eis Zellen opspäert.



Coronavirus, SARS-CoV-2, COVID-19, o jee,
ech gi ganz duerchernee mat all deenen Nimm!

Coronavirus ass de Familljennumm vun enger Famill vu Virussen,
déi änlech Eegenschaften hunn. Aner Coronavirussen, wéi de MERS-CoV
oder de SARS-CoV, hu viru ville Jore méi kleng Epidemien ausgeléist.



Ech verstinn. A wat bedeit dann elo COVID-19?

Ma dat ass den Numm, deen d'Dokteren där Infektiounskrankheet ginn hunn, fir déi dësen neie Coronavirus responsabel ass. En ass zesummegesat aus den englesche Wierder: COronaVirus Infectious Disease 2019, well dem Virus seng Auswierkunge fir d'éischt 2019 entdeckt goufen.

O.k. A wat ass SARS-CoV-2?

Ma dat ass den Numm vun deem neie Virus. En ass zesumme gesat aus den englesche Wierder: Severe Acute Respiratory Syndrome = schwéiert akut Ootmungssyndrom a CoV, wat d'Ofkierzung fir Corona Virus ass. Deen neie Virus krut d'Nummer 2, well schonn Enn 2002 e Coronavirus, deen en änleche Syndrom verursaacht, den Numm SARS-CoV kritt hat.



A vu wou kënnt deen neie Virus dann?

Wëssenschaftler hunn de Virus ënnersicht an hunn erausfonnt, datt en engem Coronavirus, dee Fliedermais infizéiert, gläicht. Se versiche grad ze verstoen, wéi en op d´Mënsche konnt iwwerdroe ginn. Warscheinlech iwwer en anert Déier, dat sech bei de Fliedermais domat ugestach huet. Anscheinend ass dëst alles zu Wuhan geschitt, enger Stad a China.



Wéi kann een sech mat deem Virus ustiechen?

Wann eng Persoun, déi schonn infizéiert ass, houscht, da fléie Minidrëpse mam Virus an d'Loft. Wann s du no bei där Persoun bass, da kanns de dës Minidrëpsen anootmen an esou kënnt de Virus an däi Kierper. Du kanns dech awer och duerch infektiéis Uewerflächen (Fachbegrëff: Fomites) ustiechen. Dofir ëmmer an en Nuesschnappech oder an den lelebou houschten an néitsen. Ni an d'Hänn, well iwwer d'Hänn kënnen d'Virussen ëmsou méi verdeelt ginn!



Infektiéis Uewerflächen (Fachbegrëff: Fomites), wat ass dat dann? Infektiéis Uewerfläche si Saachen, op déi infizéiert Drëpse gefall sinn an op deenen de Virus net futti geet an ustiechend bleift. Wann s de sou infektiéis Uewerfläche beréiers, bleift de Virus un dengen Hänn hänken an da kanns de n en op däi Mond, an deng Aen oder op deng Nues iwwerdroen (jo, och wann s de an der Nues piddels). De Virus kënnt esou an däi Kierper eran an infizéiert dech.



Wéi kënne mir eis virun deem Virus schützen?

Déi effektiivste Method ass, sech ze isoléieren. Dat heescht: Bleif doheem! Am Fong einfach, nee? Wa mir net erausginn, kënne mir kenger infizéierter Persoun begéinen a mir kënnen och keng infektiéis Uewerflächen upaken. Esou gi mir net infizéiert a virun allem infizéiere mir keng aner Persounen, falls mir de Virus schonn erwëscht hätten.



Mee wéi eng Saache kënnen dann infektiéis Uewerflächen hunn?

Elauter Saachen, déi vu ville Leit ugepaakt
ginn, z. B. Mënzen, Gelänneren,
Klenschen, Gréffer am ëffentlechen Transport oder nach Gezei.



Firwat solle mir dann eis Hänn méi reegelméisseg wäschen?

Wann s de eng infektiéis Uewerfläch beréiert hues, da kanns de de Virus op dengen Hänn hunn. Seef mécht de Virus futti, well d´Molekülle vun der Seef déi baussecht Haut vum Virus opbriechen. Wann s de dann däi Gesiicht onbewosst beréiers, infizéiers de dech net.



Si Gesiichtsmasken nëtzlech?

(Chirurgesch) Gesiichtsmasken aus Pabeier kënne verhënneren, datt de Virus sech ausbreet. Et ass recommandéiert, esou Masken, déi just eemol gedroen an dann ewechgehäit ginn, unzedoen, wann s de COVID-19-Symptomer hues. Medezinesch Mataarbechter musse Schutzmasken (mat Partikelfilter) droen, wann se sech ëm infizéiert Patiente këmmeren, fir sech net unzestiechen.

Wat kënne mir dann an där Zäit maachen,
an där mir mussen doheembleiwen?

Ma mir kënnen eis Fantasie spille loossen a Bicher liesen, Filmer oder Serië kucken, zeechnen, bastelen oder vill mat eisen Eltere spillen, well si och mussen doheembleiwen an net kënne schaffe goen. Leider dierfe mir eis Grousselteren net besiche goen, well mir se ustieche kéinten. Mee wéi wier et z. B. mat engem deegleche Videochat mat hinnen?



Ass Covid-19 eng schlëmm Krankheet?

Keng Panik! D'Krankheet, déi duerch dëse Virus verursaacht gëtt, ass net besonnesch schlëmm. Déi meescht Leit kréie just Féiwer an den Houscht. Et kann een esouguer infizéiert sinn a keng Symptomer hunn, dat ass besonnesch bei Kanner de Fall.



Mee firwat panikéiert da jiddereen?

De Problem ass, datt verschidde Leit ganz schlëmm krank kënne ginn oder souguer doweinst stierwen. Dëst kann och bei enger Infektioun mat anere Virusse passéieren, wéi z. B. bei der richteger Gripp, mee et passéiert méi dacks beim Coronavirus. Eeler Leit oder Leit, déi schonn aner gesondheetlech Probleemer hunn, kënnen an eng staark Otemnout geroden a mussen an der Klinick behandelt ginn, soss kënnen se stierwen.



Da misste jo am Fong nëmmen eeler Leit a Leit mat gesondheetleche Probleemer doheembleiwen, oder?

Nee, mir mussen all doheembleiwen, well net genuch Plaz an eise Klinicken ass, fir jiddereen ze behandelen. Wat méi Leit doheembleiwen, wat manner Leit sech infizéieren a wat méi Plaz an de Klinicken ass fir déi, déi se wierklech brauchen.

Kënnen eis Hausdéieren de Virus kréien?

Covid-19 ass eng Zoonos. Dat ass eng Krankheet, déi souwuel Mënsche wéi och verschidden Déiere kënne kréien an si kënnen sech een deen aneren ustiechen. Wëssenschaftler erfuersche grad, wéi eng Déieren sech mam Virus infizéiere kënnen an ob se de Virus un d'Mënsche weiderginn.
Wéi och ëmmer, all Déier kann d'Infektioun iwwerdroen, wann eng infizéiert Persoun et heemelt oder op säi Fell houscht.



Gëtt et Medikamenter géint de Virus?
Kënne mir z. B. Antibiotiquen huelen?

Antibiotiquë wierken net bei engem Virus; mat hinne bekämpft ee just Bakteerien. Wëssenschaftler ënnersiche grad, ob antiviral Medikamenter, déi et scho gëtt,géint de SARS-CoV-2 wierken, an se versichen, neier ze entwéckelen, mee se hu bis elo nach keent fonnt, dat d´Mënsche vun dësem Coronavirus heele kann.



Kënne mir eis dann dergéint impfe loossen?

Am Moment nach net, mee d'Wëssenschaftler sichen och no engem Impfstoff, deen eis hëlleft, d'Verbreedung vun dësem Coronavirus ze stoppen. Dat brauch awer Zäit. Impfstoffer si schwéier hierzestellen, zemools wann se géint en neie Virus, dee mir bis elo nach net kannt hunn, schütze sollen!



Wat ass, iwwerhaapt, eng Impfung? Wéi funktionéiert si?

Wann e Mikrob an eise Kierper kënnt, da produzéiere bestëmmten Zelle vun eisem Immunsystem (eng Zort Lymphozytten) Antikierper. Dat si Moleküllen, déi e bestëmmte Virus erkennen an inaktivéiere kënnen.



Impfunge sinn eng Method, fir eise Kierper dozou ze kréien, Antikierper ze produzéieren, entweeder géint e bestëmmte Bestanddeel vun engem Virus oder géint den inaktivéierte Virus, d. h. eng Versioun vum Virus, déi eis net krank mécht. Wann dann deen echte Virus an eise Kierper kënnt, kënnen d'Lymphozytten deen direkt erkennen an en inaktivéieren, ier en eis ka krank maachen.

D'Mussol huet nach ni eng Pandemie, d. h. eng Krankheet, déi d'Mënschen op der ganzer Welt betrëfft, erlieft! Elo weess et e bësse besser Bescheed an huet sech och nees berouegt. Et weess, datt et op dat soll lauschteren, wat d'Dokteren an d'Wëssenschaftler soen. Hatt versteet och, datt et vill Gedold brauch, well dës Situatioun méi laang wäert daueren. Et ass sech awer och sécher, datt mir et all zesummen iwwerstinn, wa mir eis géigesäiteg ënnerstëtzen!



BY NC ND

Zeechnunge vum Enric Vidal (@vidal_enric), doheem isoléiert zu Barcelona. Abrëll 2020.
An Zesummenaarbecht mam Júlia Vergara-Alert (@vergaralert)
a mam Xavier Abad Morejón de Girón (@xavierabadMdG), Fuerscher um IRTA-CReSA.
Lëtzebuergesch Iwwersetzung: Fabienne Abens
Korrektur: Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch

Kuckt och ënner „Twitter" an „Instagram" **@Mussoloficial**

Dës Geschicht ass eng perséinlech an onbezuelten Initiativ.
D'Meenungen an d'Interpretatioune komme vun den Auteure
selwer an net vum Institut, fir dat se schaffen.

Am Zweiwel a fir weider Froe consultéiert wgl. just offiziell Quellen.
D'Mussol recommandéiert, datt Dir Ären Dokter kontaktéiert
oder um offizielle Site vun der Lëtzebuerger Regierung nokuckt (www.covid-19.lu).

Dës Geschicht ass dem Eloi, Quim, Carla an Gina Vidal souwéi dem Carla an Oriol Bernardo gewidmet.